# DENG SYPROLUX-KANDIDATEN AUS DEM SERVICE BUS (BU)



**MARC BECKER**
BU



**DAVID CONRATH**
BU



**MARCO FIGUEIREDO**
BU



**MAX KLEER**
BU



**ANDRÉ OLIVEIRA**
BU



**DANIEL SCHILDGEN**
BU



**STEVE SCHAAF**
BU



**CHRISTIAN WEYER**
BU

Als SYPROLUX fuerdere mer:

**A punkto Rekrutement a Karriär**

- Rekrutementer, déi et erlabe Beruffs-a Familljeliewe besser ze verein-baren
- E fairt Zesummespill vun Deelzäitaarbecht a Vollzäitaarbecht an eisen Aarbechtspläng
- datt all Poste muss mat enger klorer Fiche de poste hannerluet sinn
- eng adäquat Erhéijung vun der Prime de Conduite

**A punkto Aarbechtskonditiounen**

- datt verkierten Iwwergäng beim Personal roulant op e Minimum redu-zéiert a just an Ausnamefäll agesat ginn (z. B. Verspéidungen, Schicht-verlängerung bei Stau,),
- datt d'Conditiounen agehale ginn, wann e Chauffer muss zeréckgeruff ginn. En Agent brauch kee Grond unzeginn, wann hien op sengem Repos net kann zeréckkommen.
- fir eis Reservisten en duebele Repos (wou 1 Sonnden dran ass) ee Mount am Viraus
- d'Eropsetze vu Congés Créneaux ouni de roude Congé brauchen unze-paken
- datt innerhalb vun de festen Tier d'Faarte gerecht opgedeelt sinn
- eng Reduzéierung vun de Leerfahrten fir d'Stresssituatioun a ver-schiddenen Tier z'entspanen
- datt de Prinzip vun de Schichtlagen iwwerduecht gëtt. Dëse System huet weder dem Service nach dem Agent eng Plus-Value bruecht
- d'Aféiere vum fréiere Wochenschemaprinzip mat de Workshoppen, déi dozou gehéiert hunn
- genuch a propper sanitär Anlagen op eise Linnen
- datt de BU seng salle de réfectoire zu Ettelbréck zeréck kritt



**8 STËMME FIR DE SYPROLUX**

**LËSCHT 5**

# Wat der zu de Sozialwalen an zu de SYPROLUX-Kanditat:innen wësse sollt

























## SERVICE BU

**8 STËMME FIR DE SYPROLUX**



### Sozialwalen 2024 – wichteg Upassungen

1. All Agent, deen am Service BU affektéiert ass a schafft, geet och am Service BU wielen. An zwar onofhängeg vun senger Karriär an sengem Grad. Di vereelsten Reegelung, datt méi héich gradéiert Agente sollen an de Services Centraux mat wiele goe fält domadder ewech. Dës Ännerung, déi op Grond vun engem Virschlag vum SYPROLUX agefouert gouf, huet zesumme bruet, wat zesumme gehéiert. Esou gëtt eng gemeinsam Populatioun beim Chef de Service vertrueden.
2. All Agent aus dem Cadre Hors Statut huet d'Recht a sengem Service wiele mat wielen ze goen. Och dës Fuerderung vum SYPROLUX, déi Bestanddeel vun eisem Schreiwes fir eng méi gerecht an attraktiv Personalvertriedung, gouf ëmgesat. Och d'Mataarbechter:innen aus dem Cadre Hors Statut gehéieren zum Zesummeliewen a Schaffe vun engem Service an och si hunn e Recht op eng éierbar Personalvertriedung.

### SYPROLUX-Kandidat:innen

- am Service BU triede mer mat 8 Kandidaten un
- den Altersduerchschnëtt vun eiser Lescht läit bei 42,6 Joer
- op eiser Lëscht kandidéiere 6 Buschauffeuren, 1 Handwierker aus dem BU-Atelier an 1 Agent vum Personnel sédentaire
- 4 Kandidaten ginn eng éischte Kéier mat an d'Rennen.

Et ass deemno eng equilibréiert Lëscht aus Erfarung an neien Denkustéiss, déi sech engagéieren d'Interessi vun den Eisebunner:innen di kommend Joer ze vertrieden an ze verteidegen.

### Wat d'SYPROLUX-Vertrieder ereescht hunn:

- d'Opdeelen vun de Aschreiwungsperioden fir de roude Congé op 2x 6 Méint (Januar – Juni & Juli – Dezember)
- d'Eropsetze vun den „Joker" vun 8 op 10 Stéck mat engem Aschreiwungsdélai op 3 Méint
- d'Eropsetze vum Aschreiwungsdelai an d'schwaarzt Buch op 2 Méint
- eng Erhéijung vunn de Créneau'en beim roude Congé fir d'Fuerpersonal vun der Reserve
- d'Anhale vun enger Iwwergangsperiod vu 14 Stonnen an der Langzeitplanung vun de Leit an engem Roulement – bei de Reservisten setze mir eis dofir an, dass verkierzt Iwwergäng just nach do agesat ginn, wou et och effektiv néideg as
- d'Besetze vun Iechternacher Tier mat Reservisten, déi an der wunnen an d' Méiglechkeet, datt Stater Roulementsleit sech och kenne mellen (fir bis zu 50% vun hiren Tier zu Iechternach kennen ze fueren)
- d'Nobezuele vu net gerechentem Kilometergeld an dat op 5 Joer zréckgekuckt (bis Oktober 2015 zréck), plus 1 Minutt pro Kilometer op d'Stonnekaart
- d'Réckerstattung vun „S", déi zu Onrecht de Mataarbechter:innen agesat goufen
- d'Ekipéiere vun all eise Busser mat Sécherheetskabinnen, esou wéi de SYPROLUX dat schonns iwwer Joren am Comité de pilotage Sécurité dans les Transports publics gefuerdert huet
- d'Ofspäre vun den 2 éischte Setzreien hannert dem Chauffer an d'Eraklammen zum hënneschten Deel vum Bus als direkt Schutzmoossnam wärend der Pandemie
- eng zäitno Informatioun mat allen abléckleche Mesurë wärend der Pandemie
- d'Mataarbechter:innen ginn iwwert d'Woch mat frëschem Uebst beliwwert
- fir d'Kolleeg:innen aus dem administrative Beräich gouf den Horaire mobile an de Teletravail agefouert
- d'Zäitspuerkonte goufen agefouert

**LËSCHT 5**